# Betti a Litti spille mam Dreck



Eng interaktiv Opféierung fir
Schoulen a Fester vum

MÄIN ÉISCHT
NULL
OFFALLBUCH

EbL
Ëmweltberodung Lëtzebuerg a.s.b.l.





“Betti a Litti spille mam Dreck” zielt d’Geschicht vum Litti, dee guer net op seng Ëmwelt oppasst a säin Offall egal wouhi gehäit.

Mat Hëllef vu senger Nopesch, dem Betti, léiert hie lues a lues wéi een nees am Aklang mat der Natur lieft, wat een alles aus Offall maache kann, respektiv wéi e säin Offall ka vermeiden.



Op sengem Wee léiert de Litti wéi een den Offall richteg trennt, wou een e soll hibréngen, a wat dann aus deenen eenzelen Offäll ka gemaach ginn.



Dëse Spektakel ass speziell op Schoulklassen aus dem **Fondamental** zougeschnidden (Cycle 2 & 3). D'Stéck gëtt vun enger Schauspillerin animéiert, déi an Interaktioun mat de Kanner duerch d'Geschicht féiert an si op spilleresch Aart a Weis mam Thema vun der **Offallvermeidung** vertraut mécht.






De Spektakel fënnt virun enger Video-Leinwand statt, op där een duerch animéiert Biller aus dem Buch an d'Welt vum Betti a Litti andaucht.
Dëst ass eng flott Manéier, fir dem jonke Publikum déi pedagogesch Inhalter aus dem Buch méi zougänglech ze maachen.





Dir kënnt de Spektakel fir är Schoulklassen a Schoulfester buchen.
Eng Opféierung kascht 600€ TTC, ab der 2. Opféierung de selwechten Dag ass de Präis 550€ TTC.
Eng Opféierung dauert **1 Schoulstonn** an ass konzipéiert fir ronn **20 Kanner**.

**Bucht är Opféierung iwwer: info@ebl.lu**

En Extrait vum Stëck fannt Dir hei :

*https://www.youtube.com/watch?v=vPSll6yknn4*
*(Betti a Litti spille mam Dreck - Ëmweltberodung)*








Falls dir d'„Mäin éischt Null Offall Buch" wëllt hu fir an der Klass domadder ze schaffen, da kënnt dir et zum Präis vu 8€ pro Stéck per E-Mail bestellen : **info@ebl.lu**

www.emweltbuch.lu





EbL
Ëmweltberodung Lëtzebuerg a.s.b.l.

63, bd de la Pétrusse| L-2320 Luxembourg | 621 753 628 | info@ebl.lu